De Lëtzebuerger Schrëftsteller-Verband huet gefeiert

Zwou Riede fir 20 Joer

Photos: Fabrizio Pizzolante

Vill Leit konnt d'Germaine Goetzinger begréissen, dorënner och vill Prominenz, déi geliest oder gelauschtert huet

Den 1. Dezember war am Literaturzentrum zu Miersch eng besonnesch Feierstonn. De Lëtzebuerger Schriftsteller-Verband huet seng 20 Joer gefeiert mat enger ganz spezieller Liesung.

Prominent Perséinlechkeeten aus Politik, Wirtschaft, Kultur hunn Texter vu Lëtzebuerger Auteure geliest. Si haten se erausgewielt, si hunn s'och selwer virgedroen.

kulturissimo ass frou, déi zwou Rieden, mat denen den Owend agefouert ginn ass, déi vun der Directrice vum CNL, Germaine Goetzinger, an déi vun der Presidentin vum LSV, Colette Mart, hei ofdrécken ze dierfen.

Mir wëllen domat dem LSV eis Unerkennung soen, fir dat, wat déi kleng Comités-Equipe an 20 Joer am Interessi vun den Auteuren, de Lieser an der Literatur geleescht huet.

Duerch den LSV an dank dem LSV ass d'Situatioun net méi esou tragesch wéi 1986, wou alles ugaangen ass.

Ideal ass se sécher nach laang net. Et bleift nach sou vill ze maachen: Et gesäit een dat erëm an dem Misär, deen de Programm vum *Bloen-Hirsch-Joer* a Saache Literatur fir eist Land opzeweisen huet. Deen Aarmut eleng seet scho genuch.

An dobäi wier et esou einfach gewiest, op d'mannst eng Anthologie mat Auteuren aus *Luxembourg et Grande Région* ze publizéieren, fir eng Momentopnam vun deem ze ginn, wou d'Schreiwe hei a bei eisen direkten Noperen drunn ass.

Elo soll eis kee kommen a soen, do hätt den LSV sech missen drëm këmmeren. Dat wier ze einfach. Et muss ee feststellen, datt bei *2007* kaum en Interessi fir d'Literatur do war, datt keng Impulse vun do koumen, jo, datt eng intressant Propositioun, déi de Comité vum LSV eraginn hat, „recaléiert" gouf, wéi wann eis Auteure an déi, déi se vertrieden, déi leschten Efalte wieren.

Dofir vun hei aus: Do, wou *kulturissimo* hëllefe kann, mécht en et, och doduerch datt e kontradiktoresch Meenungen publizéiert, déi kënnen Impulser ginn.

Sou hu mer den Kulturredakter vum *Tageblatt*, den Tom Reisen, gefrot, seng Iddien ze preziséieren, mat deenen hien Ufanks November op esou e grousse Widderstand gestouss war. Wann een seng Ausféieronge liest, muss ee feststellen, datt se vill Wouerechten op eng pointéiert Manéier opdëschen.

D'Fro, ob et mat enger Geldsprëtz duergeet, ass berechtegt: Mee wien huet sech iwwerhaapt dervir agesat, datt och den Auteuren an Editeuren eng finanziell Stäip zoukomm ass? Den LSV.

Géife soss iwwerhaapt nach Bicher a Kulturzäitschréfte publizéiert ginn?

Och d'Feststellung, datt et vill Enseignante gëtt, déi schreiwen, ass richteg.

Mee dozou muss eng corollaire Fro gestallt ginn: Firwat grad si? Firwat feelen esouvill aner Beruffskategorien?

An do komme mer dann op dat, wat den Tom Reisen zu Recht an de Mëttepunkt vu sengen Ausféieronge stellt: Déi skandaléis Manéier, mat där eis Schoulen eis Literatur mat all hire Sproochen a Facetten ignoréieren, aplaz de jonke Leit ze weisen, datt och hei am Land Literatur gemaach gett a gutt Literatur, an datt nëmmen esou Impulse kënne kommen, déi och erëm (méi) Jonker zum Schreiwe bréngen.

Dem LSV wënsche mer, datt hien an eis Literatur esou eecht geholl ginn, wéi se dat verdéngen. **GW**